



► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Fir de Mister Spock.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also wann Der mer den Optrag gitt, all Kéiers ze intervenéieren, wann et zu Deviatioune kënn, ech si ganz gär do dermat d'accord.

(*Brouhaha*)

Jo?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat si keng Deviatioune! Ech muss wierklech hei soen: Mir hunn hei eng Diskussioun iwwer Brevet. Ech hunn hei de Minister gefrot: Gouf et eng nei Kategorie vu Brevet? Ech mengen, dat ass awer d'Recht vun engem Deputéierten, vun esou enger Debatt ze profitéieren, fir déi dote Fro ze stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Déi hunn ech net contestéiert, Här Mosar.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Da sinn ech be-rouegt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà! (*Interruption*)

An den nächste Riedner ass den Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Ech wëll och fir d'Éischt der Rapportrice Merci soe fir hire ganz ausféierleche Rapport. Et ass och gutt, datt se nach eng Kéier de Rappell vun ganze Kontext gemaach huet. Et ass jo deem drëtte Projet eigentlech am Beräich vun de Brevets communautaires an do ass weider eigentlech guer näischt derzou ze soen.

Mir kënnen dee Rapport an och de Projet de loi natierlech zu 100% ënnerstëtzen. Ech wëll awer och effektiv soen, datt dat, wat den Här Mosar gefrot huet, net ganz aus der Welt läit zu deem Sujet.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Merci, Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Dat muss een agestoen. Ech wëll awer op där anerer Säit och soen als President vun der Cofibu, datt mer iwwert dee Sujet awer en long et en large geschwat hunn.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Awer net mam Här Wirtschaftsminister!

(*Hilarité*)

► **M. Eugène Berger** (DP).- An anscheinend...

► **M. Gusty Graas** (DP).- Mam Innenminister och net!

(*Interruption*)

► **M. Eugène Berger** (DP).- Här President, den Här Mosar weess awer och, datt mir allequerte wëssen, datt dat och an der Ekonomieskommissioun, dat kann den Här Fayot bestätegen, thematiséiert ginn ass an datt do awer eigentlech d'Äntwerte gelliwert gi sinn, datt een dat do net an a puer Wochen aus dem Stee kéint schloen. Dat muss eppes ganz Seriöses sinn an et ass kloer, datt een natierlech vläicht spéider eng Kéier kann un esou eppes denken.

Ech wëll net am Numm vun Wirtschaftsminister äntwerten, mä dat nëmme fir ze soen, datt awer déi Froen do behandelt gi si mat deenen Äntwerten, déi eben dat erkläert hunn, firwat dat net kann direkt sinn.

Dat gesot, kommen ech awer erëm zréck bei d'Madamm Dall'Agnol an hire Projet, deem mer also kënne vollkommen zoustëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Claude Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wollt der Madamm Dall'Agnol Merci soe fir hiren ausféierleche mëndleche Rapport a fir hire schrëftleche Rapport. An ech hu weder eng Fro un den Här Wirtschaftsminister nach un den Här Vizepremier nach un den Här Sozialminister an un de Kooperationsminister. An ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann ass et um Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Merci un d'Madamm Dall'Agnol. Well et elo hei an deem Gesetz just ëm Privilegien an Immunitéite geet, gi mir gär eisen Accord.

Et kann een net genuch betounen, wéi wichteg déi Privilegien an Immunitéite sinn, datt

gewësse Kategorië vu Leit kënnen an Onofhängegkeet an an Objektivitéit hir Aarbecht erfëllen, ob dat am Kader vun internationale Juridictionen ass oder och zum Beispill am Kader vu Parlamenten, wou d'Deputéiert jo och mussen an aller Onofhängegkeet a Fräiheet kënnen hir Aarbecht maachen. Dofir och vun eiser Säit aus ganz gär den Accord.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo, Merci, Här President, fir kënnen och op dese Projet anze-gehen. Fir d'Éischt och vu menger Säit e Merci un d'Rapportrice, souwuel fir dee schrëftlechen, mä virun allem dee mëndleche Rapport, wou ech immens impressionéiert war iwwert déi fachmännesch Kompetenz hei, déi se an deem Sujet eriwuerbruecht huet, dee se och ganz einfach erkläert huet. Dat ass schonn impressionnant. Dofir: Felicitatiounen fir dese flotte Rapport!

An ech mengen, et ass richtig, datt grad an deem Rapport hei, et geet iwwer Privilegien, iwwer Immunitéiten, wat e ganz wichteg an noutwendeg Element ass am onofhängege Fonctionnement ganz einfach vun deser neier Institution.

Op där anerer Säit, mengen ech, ass et jo esou, datt dat heizen e Protokoll ass, dee ganz en ligne ass mat existéierende Protokolle fir international Organisations, soudatt mer also och hei en ligne sinn. An et ass gutt a wichteg, datt zu deem Moment, wou jo och de Statsrot den Accord ginn huet, derniewent och all d'Consultatiounen, d'Administration de l'enregistrement hiren Accord dozou ginn huet, dese Projet de Mëtteg gestëmmt gëtt. Dofir Merci fir den Appui vun der Rapportrice, awer och vun där ganzer Kommissioun, ier ech dann d'Wuert un de Wirtschaftsminister ginn - wann ech dat där, Här President? -,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- ...fir iwwer eben dee ganze Volet vun der IP-Box ze schwätzen. Wann et elo ëm Brevets sportifs gaange wier, dann hätt ech als Sportsminister geäntwert, mä ech hu gemierkt, et geet ëm aner Breveten.

Här Mosar, dofir ginn ech d'Wuert da virun un de Wirtschaftsminister, deen op d'IP-Box kann äntwerten. Här Wirtschaftsminister!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Wirtschaftsminister!

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Merci, Här President. Fir dem Här Mosar dann op seng Fro ze äntworten: Ech mengen, dass dat schonn eng interessant Saach wär, dass mer dat dote sollte maachen. Et ass awer och esou, wéi den Här Eugène Berger gesot huet, dass een esou eng Autoritéit net vun haut op muer aus dem Stee klappt, dass dat also elo enk gëtt, fir dat nach hei virun de Wahlen ze maachen.

Ech wäert him awer versprechen, dass ech dat an der nächster Legislaturperiod da wäert ëmsetzen.

(*Hilarité*)

A falls eieren de Wieler mer déi Chance net sollt ginn, da wäert ech lech drun erënneren, et da selwer ze maachen.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7197 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7197 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

Mir hunn Unanimitéit: De Projet de loi 7197 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par Mme Nancy Arendt), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Shank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens unzefroen?

(**Assentiment**)

Jo? Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 7178, en Accord tëschent der Belsch, Frankräich, Holland a Lëtzebuerg iwwer eng Kooperatioun am Beräich vun der Loftverdeedegung géint net militäreschen Menacen. A wéi mer dat schonn de Mëtteg gewinnt sinn, ass de Rapporteur den Här Marc Angel.

6. 7178 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Royaume de Belgique, le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, le Gouvernement de la République française et le Gouvernement du Royaume des Pays-Bas relatif à la coopération en matière de défense aérienne contre les menaces aériennes non militaires, fait à Bruxelles, le 16 février 2017

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, de Schutz vum Loftraum vun onsem Land besteet aus zwee Voleten: éischtens, de Schutz am Fall vun enger militärescher Menace, an zweetens, de Schutz am Fall vun enger Attack vun engem ziville Fliger oder Fluchkieper, an domadder sinn d'Dronen och abegraff.

Mir befannen eis also hei bei deem Accord tëschent den dräi Beneluxlänner a Frankräich am Kader vun der Verdeedegung géint déi asymmetreschen Menacen.

Ech mengen, ech huelen eng Schlupp Waasser, da geet et besser.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Wat déi militäreschen Menacen ubelaangt an de Schutz vun eisem Loftraum an deem Kader, wäert sech guer näischt änneren; dat hu mer als Lëtzebuerg der NATO delegéiert an et sinn och do an deem Kader ons belsch Noperen, déi d'Integritéit vun onsem Loftraum sécheren. Allerdéngs, Incidenten, déi en ziville Fliger concernéieren, zum Beispill bei enger feindlecher Iwwernam vun engem ziville Fliger, fir eng Attack ze perpetréieren, déi si vun där Kooperatioun net beträff. An am Fall vun esou enger Entféierung zum Beispill vun engem ziville Fliger läit all Decisioun betreffend dese Fliger bei den nationalen Autoritéiten, déi responsible si fir hire Loftraum.

A vu dass mir hei am Land keng Air Force hunn, ass et wichteg, eng Äntwert op esou Menacen ze hunn, andeems mer mat de Partnerlänner zesummeschaffen. Den 12. Juli 2016 hate mer en äänlechen Accord hei an der Chamber, dat war de Projet de loi Renegade, dat war dat nämlecht am Kader mat eisen zwee Beneluxpartner.

Haut ass et en Accord zu véier mat Frankräich, an et ass och schonn en aneren an der Ausaarbechtung: ee Benelux mat Däitschland. A genau wéi beim Accord Benelux-Renegade geet et hei also drëm, fir d'Interventiounscapacitäten ze verbesseren a fir och den Echange vun den Informatiounen ze facilitéieren.

Dësen Accord erlaabt et also de Partner am Kader vun enger Suspicioun vun enger Menace aérienne, fir an de Loftraum vun deem anere Partner eranzefléien, fir déi taktesch Aktiounen, déi am Accord awer genau deklinéiert sinn, auszeüben. Ganz konkret: Dësen Accord erlaabt et zum Beispill engem franséische Fliger, an de belschen oder an de lëtzebuergesche Loftraum am Fall vun enger Verfolgung eranze-kommen. An dat géllt och ëmgedrëit. Vu dass Holland keng gemeinsam Grenz mat Frankräich huet, därfe den franséisch Fligeren am

Fall vun engem Renegade net an den holländeschen Loftraum eran.

Et ginn also zwee Ënnerscheeder zu deem Accord Renegade:

Éischtens, den Term „Renegade“ gëtt vun de Fransousen net benotzt. Si huelen do d'franséisch Wuert „menace aérienne non militaire“, an déi Expressioun, dat inklueiert expressement och d'Dronen. Am Accord Benelux sinn déi implizitt beinhaltet, well do iwwer „civil air platform“ geschwat gëtt.

Eng zweet awer méi grouss Differenz ass, wat d'Panoplie vun den takteschen Moosnamen ugeet, déi ee kann huele fir esou e Fliger, wann e géif en entféeierte Fliger warnen, dass e verfollegt gëtt. Dir wësst jo, a béiden Accorden där, zu Lëtzebuerg déi sougenannte Force létale net gebraucht ginn, well dat géint eis Verfassung géif verstoussen. An den Accord Benelux mat Frankräich, dee geet nach doriwwer eraus an och déi „tirs de semonce en rafale avec le canon mitrailleur“, wéi dee Renegade-Accord et virgesäit, déi sinn an deem Accord net erlaabt. Do där, ee just „tirs de semonce au moyen de leurs infrarouges“.

Dir entschëllegt mech, wann ech déi technesch Ausdréck do net op Lëtzebuergesch iwwersat hunn, dat wär praktesch onméiglech gewiescht.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 21. November 2017 datselwecht rappeléiert, wéi scho beim Projet de loi Renegade a bei engem anere Projet de loi, wou mer en Accord de coopération am militäreschen Domän tëschent Lëtzebuerg an der Belsch ofgeschloss hunn. Déi Accorden, déi hunn och all, genau wéi dësen, virgesinn, dass mer Arrangement-techniquen maachen. An do seet de Statsrot, dass déi technesch Arrangementer missten am Journal officiel publizéiert ginn, esou wéi den Artikel 37 vun eiser Verfassung dat virgesi géif.

Déi Exigenz stellt fir eis awer e Problem duer, well et ka jo sinn, et ginn esou technesch Arrangementer, déi och e confidentielle Charakter kéinten hunn. Mir hunn déi Fro 2016 wierklech en long et en large am Kader vun deenen zwee viregte Projeten diskutéiert a mir haten als Kommissioun, als Chamber och en Avis juridique ugefrot, dee mer och kritt hunn. An déi Äntwert vun deem Juridique huet eis eng Äntwert ginn op déi Suerg vum Statsrot.

A mengem schrëftleche Bericht kënn Der op der Säit 5 eng ganz Säit iwwert déi doten Ausféierungen nolliesen, wann dat lech interesséiert. Ech wëll lech elo dat alles hei erspueren a ginn domadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dese Projet de loi an ech soen lech Merci fir d'Nolasschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Marc Angel. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Fir d'Alleréisch dem Marc Angel e Merci fir säi schrëftlechen a säi mëndlechen Rapport. Ech mengen, et ass net vill ze soen. D'Renegade-Gesetz, dat mer virun e puer Méint hei gestëmmt hunn, huet der Tatsaach, dass mer e gemeinsame Loftraum hunn am Benelux, e Cadre juridique ginn ebe fir net militäreschen Ugrëff.

Deemools hu mer d'Fro opgeworf, wat geschitt, wann ee Fliger aus Frankräich kënnt respektiv aus Däitschland. Haut kréie mer d'Äntwert, wéi mer zesummeschaffen, wann esou eng Menace aus Frankräich kënn. An ech huelen un, an den nächste Méint wäerte mer och d'Äntwert dorobber kréien, wat geschitt, wann déi aus Däitschland eriwuerkënn, well dat Ganz mécht nëmme e Sënn, wa se all am Boot sëtzen, an dat kréie mer jo lues a lues.

Duerfir kann et net anescht sinn, wéi dass d'CSV dese Projet de loi wäert stëmmen. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Halsdorf. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Merci, Madamm Presidentin. U sech féiere mer jo haut eng Fortsetzung vun der Diskussioun, déi mer den 12. Juli 2016 iwwert de Renegade haten, obwuel mer deen Numm jo an deem Projet de loi net méi solle gebrauchen. Mä u sech geet et awer ëm deeselwechen Prinzip.

Et erkennt een awer och hei direkt erëm, datt et wichteg ass, datt esou e klengt Land wéi Lëtzebuerg gutt international Verbindungen huet. Ech mengen, mir hunn, wéi virdru scho richtig hei gesot ginn ass, net d'Méiglechkeet, eise Loftraum selwer ze schützen, duerfir si mer op d'Ënnerstëtzung vun anere gréissere Länner



ugewisen. An et soll een net esou naïv sinn a mengen, datt net och emol e Fliger kéint d'Zilscheif vun enger terroristescher Attack gi respektiv datt e selwer als Instrument kéint gebraucht ginn.

Eng vun de kruziaalste Froen, déi sech natierlech och elo erëm hei an dësem Dossier stellt, dat ass natierlech déi vun der Force létale, ob se kann ugewannt ginn oder net. Ech mengen, d'Lëtzebuerger Regierung huet jo do eng kloer Positioun. Mir soen Neen dozou, dat aus moraleschen, etheschen Ursachen an éischer Linn. Et dierf ee jo och net vergiesen, wann ee misst esou eng Decisioun huelen, wat d'Konsequenze sinn. An deen, dee misst eng Decisioun huelen, fir e Fliger erofzeschëssen, dee misst natierlech och mat de Konsequenze liewen. Duerfir ass dat och nozevollzéien, datt een iwwert dee Punkt do awer net einfach esou ka mat Jo a mat Neen äntwerten.

Een anere wesentleche Punkt ass natierlech dee vun den Arrangements techniques, awéieren déi solle bekannt ginn. De Statsrot huet jo gesot, datt dat soll am Journal offiziell publizéiert ginn. Mir als Chamber ginn u sech do net esou direkt agebonnen. Dat ass zum Deel verständlech, well dat hei och ëm héich confidentiel Informatiounen geet. Wat awer wichteg ass, dat soll och fir d'Zukunft gëllen, ass, datt d'Chamber awer immer informéiert gëtt iwwert de Wee vum Minister an der Kommissioun, wat sech op deem Niveau amgaangen ass ze entwéckelen. Mä, wéi gesot, mir hunn awer Verständnis, datt et hei awer ëm eng extrem héich Confidentialitéit geet. An dowéinst muss een natierlech och ganz virsichteg domat ëmgoen.

Datt d'Fransousen elo net kënnen an den hollänneschen Loftraum fueren, bon, dat ass natierlech eng aner Diskussioun, déi een net soll hei verdéiwen. Wa mer vläicht emol eng Kéier kënnen méi a Richtung goe vun enger vereenegter europäescher Verteidigungspolitik, kéint sech dat jo och vläicht emol eng Kéier änneren.

Vläicht e leschte Punkt nach: Dat ass awer interessant, datt mer elo a Pourparlers si mat Däitschland, datt och Däitschland elo gewëllt ass, u sech deem System hei bäizetrieden, wat eis als Lëtzebuerg nëmme kann arrangéieren.

An deem Sënn Merci awer och nach eng Kéier dem Marc Angel fir säin ausféierleche Rapport. An ech gi selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Graas. Als nächste Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*). - Merci, Madamm Presidentin. Am Fall vun enger militärescher Menace aérienne mussen mer jo kënnen op d'Spillregelen, déi innerhalb vun der NATO gëllen, zréckgräifen. An ech hoffen, datt mer ni dovunner mussen Gebrauch maachen, datt mer net an esou ee Fall kommen.

Am Fall vun enger Menace aérienne non militaire mussen mer - ben, ech hoffen och do, datt mer net eng Kéier müssen dorobber zréckgräifen -, do mussen mer jo dann eis kënnen op eis Nopeschlänner verloossen. Duerfir hate mer schonn 2015 en Accord mam Benelux fonnt, dee mer 2016 hei an der Chamber debattéiert haten en long et en large an och votéiert haten.

An elo dann ebe passe mer dat un, datt mer den Accord erweideren doduerch, datt Frankräich bäikënnt, wat an eisen Aen absolut Sënn mécht. Mir wëssen och, datt en äänleche Kontrakt amgaangen ass diskutéiert ze gi mat eisem Noperland Däitschland.

Ech soen dem Rapporteur Marc Angel Merci, dee gutt situéiert huet, wat mer haut de Mëtteg votéieren. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zum Projet de loi 7178.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Adam. Als nächste kënnt den Här Fernand Kartheiser. En ass am Anmarsch. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Villmools Merci, Madamm President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen och dem Här Angel Merci fir déi Presentatioun, déi e gemaach huet.

Ech mengen, dat heiten ass e Projet de loi, deen een net dierf op déi lichter Schéier huelen, well mir schwätzen hei iwwer eng Menace, déi kann entstoën, wann e Fliger entféiert gëtt, deen an der Hand vun Terroristen ass, oder wann e kleng Fliger voll Explosiven zum Beispill geluede gëtt an op en Zil zougesteiert gëtt, oder wann eng Dron ënnerwee ass op en Zil.

An déi Ziler, déi kënnen zum Beispill sinn: Kettenuewen, wann do en Accident geschitt duerch e Fliger, kann dat natierlech dramatesch Konsequenzen hunn; oder eng Staumauer oder

e voll besatene Futtballstadion, wou mer also an enger ganz schwiereger moralescher Dilemmasituatioun sinn: Si mer bereet ëmzebréngen, fir aner Liewen ze retten?

Et ass eng ganz schwiereg Decisioun. A mir als Lëtzebuerger hunn e bëssen, op jidde Fall ass dat d'Haltung vun der Regierung an och déi vun der CSV, déi Optioun geholl: „Mir schéissen net of.“ Dat ass awer e bëssen de wäisse Fleck do an Europa. An Däitschland ass dat eng aner Situatioun, well an Däitschland d'Bundeswehr net dierf bannent dem Land agesat ginn, mä an der Belsch schéissen d'Belsch esou ee Fliger of, an Holland schéissen d'Hollänner esou e Fliger of.

Hei huet d'Lëtzebuerger Regierung decidéiert, dat net ze maachen. A si seet, dat wär aus verfassungsrechtleche Grënn esou net zouläseg, wat awer eng ganz wackeleg Argumentatioun ass. Mir haten déi schonn hei déi leschte Kéier, wou mer iwwer Renegade diskutéiert hunn, ausernegeeholl. A mir schléissen eis als ADR deem Rasonnement och net un.

Et gëtt sech éischer refugéiert hannert deem Argument, fir eben ze soen: „Mir huelen déi Decisioun, fir ofzeschëssen, hei net.“ Mä ass dat richtig? Gi mer dann net hei den Androck ebe vum wäisse Fleck, vum schwache Punkt an der Architektur, do wou ee kann esou een Ugrëff maachen a wou eben d'Instrument vum Luftgrëff zum Beispill duerch en entféierte Fliger vun Terroristen eben hei dann interessant gëtt?

Et ass eng schwéier Decisioun. Mä ech wëll drun erënneren - dat war en Zoufall -, kuerz nodeem mer déi Renegade-Diskussioun déi leschte Kéier hei haten, war op der däitscher Televisioun eng Verfilmung gewise gi vun engem Theaterstück vum Ferdinand von Schirach. „Terror“ huet et geheescht. An et ass genau ëm den Zeenario gaangen, wou en Offizier vun der Luftwaffe viru Geriicht koum, well en e Fliger ofgeschoss huet, deen amgaange war, op e voll besatene Futtballstadion zouzeleien.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Deen Offizier huet decidéiert ze schéissen, en ass viru Geriicht komm. A wat interessant war - dat ass natierlech e ganz spannenden Zeenario, moralesch, juristescht -, mä wat och interessant war, dat war, datt d'Leit herno an Däitschland, an Eisträich an an der Schwäiz konnte Stellung huelen an ofstëmmen. An d'Leit hunn an deenen dräi Länner zu iwwer 80% ofgestëmmt, datt dee Rechtsstat..., datt deen Offizier richtig gehandelt huet doduerch, datt en zwar e Fliger ofgeschoss huet, wat den Doud vu ville Leit verursaacht huet, mä wouduerch op där anerer Säit nach vill méi e grouse Schued konnt evitéiert ginn.

Ech mengen, mir sollten hei als Politik zu Lëtzebuerg och eis der Verantwortung stellen, eis net hanner ganz wackeleger Argumenter verstoppen, mä dat maachen, wat och an anere Länner gemaach gëtt, wa mer an esou enger Situatioun sinn, näamlech méi Onheel verhënnere doduerch, datt mer d'Autorisatioun vun der Force ginn.

Ech géif gär emol gesinn, wéi dann d'Politik sech stellt, wann e kleng Fliger mat Explosiven eng Staumauer hei géif zerstéieren oder wann ee Fliger géif op Kettenuewe gestéiert ginn, wat fir grouss Deeler vum Land kéint dramatesch Konsequenzen hunn, ob dann déi Diskussioun nach géif d'selwecht geféiert ginn, wéi se haut hei geféiert gëtt.

Mir als ADR, mir drécken eis do net viru där Verantwortung. Mir soen, datt de Gebrauch vun der Force muss méiglech sinn. Dat heescht jo nach net, datt se agesat gëtt, mä datt se weinstens muss méiglech sinn, soudatt de Pilot, dee konfrontéiert ass mat där Situatioun, eng kredibel Menace ka géintwuer engem Fliger ausschwätzen duerch Tirs de semonce an och eventuell duerch den Asaz vu schaarfer Munition. Fir dat a priori schonn auszuschléissen, reduzéiert de Sécherheetsniveau, op dee mer hei am Land awer, mengen ech, genausou e Recht hunn, wéi an anere Länner eis belsch an eis hollännesch Noperen a vill anerer och.

Dat gesot, wäert d'ADR dëst Gesetz also net matstëmmen. Mir wëllen de Gebrauch vun där Méiglechkeet net ausschléissen, well ech mengen, datt dat déi verantwortungsvoll Approche ass, fir en esou eng Situatioun erunzegoen.

Villmools Merci.

► **M. Roy Reding** (*ADR*). - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. Ech hunn, äänlech wéi den Här Kartheiser, och dat Basistheaterstück vum von

Schirach oder dat Theaterexperiment gesinn, wat jo och herno verfilmt ginn ass. An ech muss soen, ech war asouwäit e bësse schockéiert, well ee vun de Grondsätz vum Rechtsstat ausser Kraaft gesat ginn ass an deem Experiment, näamlech datt d'Leit selwer zum Richter gemaach ginn an domadder d'Onofhängegkeet vun der Justiz quasi de facto ausser Kraaft gestallt ginn ass.

D'Justitia war net méi blann, mä war geleet vun Emotiounen, vu Biller, vun Impressiounen, wat alles kéint geschéien, wann en entféierte Fliger an e Fussballstadion, dat war jo d'Suppositioun, sollt erafléien. An ech sinn awer och do éischer e ganz kloren Unhänger vun de Verfassungsprinzipien, datt et e Stat net erlaabt, onschëlleg Zivilisten einfach esou ëmzebréngen, och souguer virum Hannergrond, datt doduercher eventuell e gréissert Verbrieche kéint verhënnert ginn.

Bon, dëst gesot, muss ee soen, an dësem Text hei geet et awer net dorëms, well grad bei de Fransousen d'Force létale jo net Deel ass vun deem heiten Accord.

Déi Fro, déi mir eis awer stellen, ass, mir hunn aus engem tripartit Benelux-Accord elo quasi e quadripartit Accord gemaach, wou nieft verschiddene Begrëfsverschiebungen - Renegade gëtt net méi explizit genannt, duerfir awer Dronen - déi lescht Etapp, d'Force létale, am Accord mat de Fransousen net méi explizit ernimmt an doduerch erméiglecht gëtt; d'Fro ass, wéi sech dat dann herno an der Praxis wäert ëmsetzen, well et huet ee jo dann eng Zort Fléckenteppich, wou een op där enger Säit een Accord huet mat engem, deen d'Force létale net erméiglecht, an aneren, zwee aner Partner, déi se erméiglechen. Ee selwer seet - zu Recht d'ailleurs -, datt zumindest iwwert dem Territoire vu Lëtzebuerg dat net dierf geschéien.

Mir sichen elo e weideren Accord mat Däitschland, wat jo och Sënn mécht, a wou an Däitschland relativ kloer ass, datt d'Force létale net dierf agesat ginn, op jidde Fall nom leschten Uerteel vum Bundesverfassungsgericht, wat seet, et dierft just agesat ginn an extreme Fäll an och just dann, wann et honnertprozenteg sécher ass, datt just Terroristen dee Moment an esou engem Fliger sinn.

A wann ee sech da freet, wéi dat konkret ausgesäit, da kënnt een op een anere wichtege Punkt, firwat mer eis och déi leschte Kéier enthalten hunn an och dës Kéier weider wäerten enthalten, näamlech déi Fro vun der technescher Ëmsetzung. An där technescher Ëmsetzung, wann do eng ganz Rëtsch Gardefouen dra sinn, wat d'Ketten ugeet, wéi d'Decisiounen geholl ginn, da kann dat duerchaussënnvoll sinn, mä ganz vill vun deenen techneschen Arrangementer sinn net public a mir kënnen se net aschätzen.

An duerfir wäerte mer d'selwecht wéi 2016 dësem Projet eisen Accord net kënnen ginn a mir wäerten eis entsprechend enthalten.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Do mat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. D'Wuert huet den zoustänneg Minister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense.* - Merci, Här President. Och dem honrabelen Här Angel Merci fir säin exzellente Rapport. Vläicht just zwou Äntwerten op dat, wat den Här Kartheiser gesot huet. Mir hunn d'Méiglechkeet net iwwer eis Verfassung, fir an deem heite Fall kënnen e Fliger erofzeschëssen. Dat erlaabt eis Verfassung net, Artikel 11 an der aler Verfassung an Artikel 12 an der neier Versioun.

Dovun ofgesi wëll ech awer och nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass all Experten lech soen, dass ee Linnefliger net iwwer engem Stadion op eemol einfach am Stuerzfluch kann eroffléien, fir dranzefléien, respektiv an eng Staumauer respektiv op Kettenuewen. Wann ee Linnefliger dat wëllt maachen, da muss e relativ fréi seng Positioun, also seng Héicht verloossen, fir lues a lues op dat Zil erofzefléien. An dee Moment gëtt e jo direkt detektéiert. E gëtt jo direkt detektéiert, wann e seng Héicht, seng Fluchhéicht verléisst a gëtt vun deem Moment un natierlech vun den Autoritéiten drop opmierksam gemaach, dass e seng Fluchhéicht verléisst an dass en erëm muss zréck op déi goen. A wann en dat net mécht, da ginn natierlech direkt scho Géigemoosname geholl. An dat ass wäit, ier en iwwerhaupt op Lëtzebuerger Territoire kënnt.

Erënnert lech selwer, wann Der mam Fliger flitt, wéi fréi dass Der Äre Rimm erëm muss uleëen, well de Pilot duerchseet, dass en elo zur Landung usetzt. Meeschtens dauert dat eng hallef Stonn, bis esou ee Fliger ënnen ass. Dir kënnt also net iwwer Cattenom fléie mat esou engem Boeing an dann einfach am Stuerzfluch riicht eroffléien. Dat geet technesch

iwwerhaupt net. A wann een dat wëlles huet, dee fäntt schonn zu Frankfurt quasi un, e Landemanöver anzeleeden, fir dat dote kënnen ze maachen, an dann ass e wäit virdru schonn detektéiert a wäit virdru ginn déi éischt Mesurë geholl, fir dat doten ze evitéieren, soudass ech mengen, dass déi Gefor awer relativ kleng ass, déi Der elo hei erwänt hutt.

Mä wéi gesot, nach eng Kéier, och wa mer et wëllt maachen: Eis Verfassung léisst dat net zou. An ech mengen, dass dat Gesetz, wat mer elo hei stëmme mat enger larger Majoritéit, dass dat deem Rechnung dréit, wat mer wierklech hei zu Lëtzebuerg brauchen.

Ech hoffe wéi gesot och, dass dat doten en Text ass, dee mer haut stëmme an dee mer ni wäerte mussen applizéieren. Ech soen lech Merci fir dee positive Vott.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Minister.

(**Interruption par M. Fernand Kartheiser**)

Jo, den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*). - Merci, Här President. Also ech wëll elo net polemiséieren iwwert d'Verfassung. Mir hunn do eng aner Meinung, Här Minister. Ech wollt lech just äntwerten op dat Argument vum Fliger, dee lues a lues muss erfoegen.

Dat ass richtig, wann ee wëllt landen iergendwou a sech un d'Regelen halen. Et ass nun awer esou, datt, wann e Fliger ënnert der Kontroll vun Terroristen ass, wëllt deen normalerweis net eng regulär Landung maachen, mä eng Attack. An dofir brauch e sech weder un e Fluchplang ze halen nach un eng lues Descente, mä en huet sech nëmmen nach un d'Aerodynamik ze halen. Dat ass dat eenzegt Gesetz, un dat sech dee Fliger muss halen, fir kënnen eng Attack auszuféieren.

Dat heescht, e kann a ganz séiere Wénkel, ganz séiere Falvitessen operéiert ginn. Dat ass bei deene grouse Fliger, a bei deene klengen, déi ee ka voll Explosiffe lueden, nach vill méi, soudatt eigentlech Är Logik wuel déi ass vun engem Här, dee vill an hoffentlech bequem reest, awer mat der Realitéit vun enger terroristescher Attack näischt ze dinn huet.

Merci.

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de la Défense.* - Also, ech reesen op alle Fall léiwer mat deem Gesetz, wat mir hei stëmme, wéi mat deem, wat Dir proposéiert ze stëmme. Mä nach eng Kéier: Bei deene kleng Fligeren, bei deene kleng Sportsflieger hutt Der natierlech recht, dass déi vill méi maniabel sinn an esou engem Fall. Mä déi déck Linnefligere kritt Der net vun enger Minutt op déi aner op esou en Zil gestéiert. Voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Wann ech gelift! Mir sinn um Enn vun der Diskussioun ukomm a mer stëmme elo iwwert de Projet 7178 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7178 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fäntt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer: 55-mol Jo, 3-mol Neen an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 7178 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Marcel Oberweis), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Laurent Mosar), Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Martine Hansen);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.



Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Jo, dann ass dat esou decidéiert.

A mer ginn zum nächste Projet de loi iwwer. Dat ass de Projet de loi 7161 iwwert d'Reorganisatioun vun der Chambre de Commerce. An d'Wuert huet d'Madamm Rapportrice Tess Burton.

7. 7161 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce

Rapport de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice.- Voilà! Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de Projet de loi mat der Nummer 7161, deen ech lech elo hei presentéieren, ass de 25. Juli 2017 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider deposéiert ginn. D'Zil vun dësem Gesetzestext an dem groussherzogleche Reglement, deen dozou gehéiert, ass et, punktuell Ännerungen am Kadergesetz vun der Chambre de Commerce ze maachen, wéi och Ännerungen am groussherzogleche Reglement iwwert d'Organisatioun vun de Wahlen a vun der Wahlprozedur fir d'Chambre de Commerce ze maachen.

Mat dësem Gesetzesprojet kënn et zu enger Vereinfachung vun der Wahlprozedur vun der Chambre de Commerce. An domadder ass dësen Text Deel vun der Initiativ „Einfach Lëtzebuerg“. Déi nei Dispositiounen goufen entwéckelt, fir d'Wahlprozedur vun der Handelskummer ze optimiséieren, besonnesch wat verschidde praktesch Aspekter ubelaangt, déi sech bei de leschte Wahlen erauskristalliséiert hunn an déi duerch déi nei Adaptatiounen eng gewësse Wichtegkeet souwuel fir déi öffentlech Akteuren, awer och fir d'Handelskummer selwer duerstellen.

An deem Sënn ass et dann och esou, datt de Friddensrichter, deen de Moment oft an d'Wahlprozedur intervenéiert, all seng Missiounen, déi e juristesche Pouvoir erfuere, behält, allerdéngs elo eng Rei administrativ Aufgabe vum Wahlbüro duerchgefouert ginn. De Wahlbüro gëtt also elo méi implizéiert a kritt vun elo u Kandidatvirschléi an arrétéiert d'Lëscht vun de Memberen, soubal eng Lëscht deposéiert ass. An de Büro leet ausdrécklech fest, wien déi effektiv Membere sinn a wéi eng d'Membres suppléants sinn.

An dësem Fall ass et dann och de Büro, deen déi gewielte Membere proklaméiert. Esou ass also de Wahlbüro och zoustänneg fir d'Opnam vun de Kandidatpropositiounen. An d'Leit, déi hir Kandidatur wëllen deposéieren, brauchen an Zukunft keng Attestatioun méi, datt se op de Wielerlëscht an hirer Gemeng ageschriwwen sinn.

Am Sënn vun enger Moderniséierung, a besonnesch am digitalen Zäitalter, ass virgesinn, datt an Zukunft all d'Formularen, déi fir d'Kandidaturproposen néideg sinn, deenen Interesséierte souwuel op Pabeier wéi och elektronesch zur Verfügung gestallt ginn. An domat gëtt dann d'Gestioun an d'Ausfëlle vun deenen néidegen Dokumenter och méi einfach.

Här President, dann ass et och esou, datt d'Plenarversammlung, wat jo d'souverän Organ vun der Chambre de Commerce ass, souwuel aus éischtgewielte wéi och aus zweetgewielte Membere besteet. Dës Ännerung erhéicht d'Representativitéit vun de Wahlgruppen an och den demokratesche Charakter. Dat heescht, soubal en éischtgewielte Member verhénnert ass, fir un der Assemblée plénière deelzehuelen, kann op Basis vun der Ranguerdnung den zweetgewielte Member ersetze goen.

Dës implizéiert eng aktiv Matbedeelegung vun deene verschiddene Memberen. Dat heescht domadder dann, datt de Suppléant, wann et noutwendeg ass, éischter oder méi oft convoquéiert gëtt.

En anere Virdeel ass deen, datt een de Risiko vun engem ze klengen Quorum domadder reduzéiert. Och am Sënn vun enger demokratescher Representativitéit ass envisagéiert, datt am Fall, wou eng Wielergrupp net méi representéiert ass, soubal keen éischt- an zweetgewielte Member méi do ass, datt et an esou engem Fall zu Neiwahle géif kommen, awer nëmme fir dës Grupp, fir nei Effectiffen a Suppléanten ze bestëmmen.

Et ass och virgesinn: Am Fall, wou eng Wahlgrupp keng Lëscht oder souguer eng oder méi Lëscht kee Kandidat presentéieren, kënn et zu Neiwahlen, awer just fir dee concernéierte Grupp, an dëst innerhalb vu maximal sechs Méint.

Schlussendlech goufen nach e puer Präzisioone vun Datumen an Delaïen an d'Gesetz ageschriwwen, sief dat fir d'Areche vun de Kandidatpropositiounen oder d'Frist, fir d'Stëmmziedelen ofzeginn. Dës Dispositiounen sollen och zur Vereinfachung an zur Flexibilitéit vun där ganzer Prozedur bäidroen.

Här President, ech kommen nach kuerz zu den Avisen. D'Handelskummer huet aktiv un der Ausaarbechtung vun dësem Gesetz an dem Règlement grand-ducal matgeschafft a begréisst an hirem Avis vum 22. August 2017, datt déi nei Dispositiounen zu enger administrativer Vereinfachung bäidroen an datt een eng méi héich demokratesch Representatioun vun hire gewieltene Memberen doduerch erreecht.

De Statsrot huet a sengem Avis den 30. Januar 2018 eng Rei vu Präzisioone gefrot, besonnesch wat d'Modalitéite fir den Ad-hoc-Remplacement vun engem Membre effectif duerch e Suppléant ugeet, an huet och eng Rei legistesche Remarque gemaach, awer keng Opposition formelle, soudatt ech mäi Rapport den 8. Februar an der zoustänneger Kommissioun presentéiere konnt.

Voilà! Dës gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn natierlech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci der Madamm Rapportrice. An den Här Gloden huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen der Madamm Rapportrice Merci fir den ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass alles gesot ginn. Et ass eng Vereinfachung vun der Wahlprozedur. An ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Bauler.

► **M. André Bauler** (DP).- Här President, dat heiten ass e pertinent Beispill vun administrativer Vereinfachung. Engersäits gëtt, wéi d'Rapportrice et scho gesot huet, d'Wahlprozedur vun der Handelskummer simplifiéiert, anerersäits gëtt awer och den administrativen Opwand ofgebaut, reduzéiert.

Mir begréissen als Demokratesch Partei och, datt déi demokratesch Representativitéit innerhalb vun der Handelskummer mat dësem Projet verstärkt gëtt.

Dës gesot, wëll ech am Numm vu menger Fraktioun der Rapportrice en härerleche Merci soe fir hire Bericht a géif dann och den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech géif dem Tess Burton Merci soe fir dee gudden schrëftlechen a mündleche Rapport an den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Projet de loi erabrénge.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Domat hätt d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie.*- Här President, ech soen der honorabeler Madamm Burton Merci fir hiren exzellente Rapport, soen der Chamber Merci fir d'Zoustëmmung zu deem heite Projet.

Ech mengen, dass et eng Ännerung ass, eng Vereinfachung ass, déi scho laang batternéideg war an déi domadder dann elo och haut gemaach ginn ass.

Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. An da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7161 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7161 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

(Interruption)

Elo ass d'Ofstëmmung dann eriwuer.

A mir hu mat 60 Jo-Stëmmen eng Unanimitéit fir de Projet de loi 7161.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

8. Ordre du jour

A mer géifen dann zu deenen nächste Projeten iwwergoen: d'Projets de loi 7224 an 7225, déi mer wëllen an enger Diskussioun traitéieren. Dat heescht, d'Madamm Rapportrice mécht déi zwee Rapporten iwwer Accorden tëscht Lëtzebuerg a Litauen, wat d'statistesche Transfere vun erneierbaren Energien ugeet. An d'Madamm Rapportrice huet d'Wuert.

9. 7224 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Lituanie sur les transferts statistiques d'énergie produite à partir de sources renouvelables afin de respecter les objectifs prévus par la directive 2009/28/CE, signé à Vilnius, le 26 octobre 2017

7225 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Estonie sur l'établissement d'un cadre pour le transfert statistique d'énergie produite à partir de sources renouvelables afin de respecter les objectifs prévus par la directive 2009/28/CE, signé à Tallinn, le 7 novembre 2017

Rapports de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, wéi grad gesot: Ech wäert lech elo de Rapport vun deenen zwee Projet-de-loie mat den Nummern 7224 an 7225 zesumme maachen, well et sech hei ëm zwee bal identesch Accorden handelt, déi mat zwee baltesche Länner ënnerschriwwen gi sinn, eemol mat Litauen an eemol mat Estland.

Déi zwee Projet-de-loie sinn den 20. Dezember 2017 vun der Regierung deposéiert ginn.

Et geet bei dësen zwee Accorden ëm eng Direktiv, déi 2009 ënnerschriwwen ginn ass, an där d'Ziler op europäeschem Niveau fir all EU-Memberstat festgehalen gi sinn, wat d'erneierbar Energie betrëfft. All Memberstat krut en Zil, fir am Joer 2020 e gewëssenen Ertrag vu senger Energieversuergung erneierbar ze hunn.

Mir hunn do als Zil fir Lëtzebuerg 11% kritt an d'Obbligatioun, e Plang opzestellen, wéi mer déi 11% erreeche wëllen. Am Joer 2010 huet d'Regierung dee Plang approvüiert, dee festhält, wéi ee soll bis 2020 virgoen, fir dës Zil ze erreechen.

An deem Plang sinn dräi Voleten definéiert ginn.

Een Deel vun deenen 11% si 4%, déi heiheem gemaach solle ginn duerch national Mesuren.

Den zweete Volet ass obligatoresch am Transportberäich ze maachen. Dat si 5% vun deenen 11%.

An am Plang ass och festgehalen, datt déi feelend 2%, fir op déi 11% ze kommen, net am Land kënnen oder solle bis 2020 gemaach ginn, mä datt déi iwwer en Accord de coopération mat anere Länner gemaach solle ginn.

De Ministère huet 2010 direkt mat alle potenzielle Länner Kontakt opgehol. An iwwert déi fënnf Joer huet sech dunn erauskristalliséiert, datt Lëtzebuerg déi meescht Méiglechkeete mat Estland a Litauen hätt, an dofir huet eist Land dunn och déi Verhandlungen intensivéiert a koun dunn eben op dës zwee Accorden hei.

Déi zwee Accorden hunn de Charakter vun engem Traité. An deenen zwee Accorde stinn ongeféier déiselwecht Dispositiounen dran. De Ministère huet näamlech drop gehalen, fir mat deenen zwee Länner eng gewësse Balance ze halen, well déi zwee Länner sech jo och matenee vergläichen, wéi wéi vill kritt a gëtt an zu wéi enge Konditiounen. Am Résumé: Et gëtt also pro Accord eng minimal Quantitéit vum sougenannten Transfert statistique garantéiert, géint ee gewëssene monetäre Wäert.

A gläichzäiteg hu mer dann och d'Méiglechkeet - jee nodeems, wéi vill mer brauche bis 2020, well een dat net genau ka viraussoen, well dat vu ganz ville Parametere ofhänkt -, gewëssen zousätzlech Quantitéiten ze kafen.

Et ass dann och esou, datt d'Fro opkomm ass, aus wéi enger Energie déi zwee Länner, Estland a Litauen, hire grénge Stroom maachen. An do ass och an deenen Accorde festgehalen ginn, datt mir als Lëtzebuerg d'Statistiken an d'Quantitéite vun deenen Energië kréien, déi si am meeschten notzen oder entwéckele wëllen. Dat ass d'Sonnenenergie, d'Wandenergie an dann och d'Aerdwärmt, also d'Geothermie, a subsidiär hannendru kënn d'Energie aus Biomass, déi kann ugerechent ginn.

Nach kuerz zu de Finanzen. Déi zwee Traitée couvréieren d'Period vun 2018 bis 2020. An deene jeeeweilegen Accorden ass fir déi Period en Transfert statistique vu 700 Gigawatt d'Stonn virgesinn zu engem Präis vun 10,5 Milliounen Euro. Den Transfert gëtt mat béide Länner an zwou Etappe gemaach. Dës Joer wäert Lëtzebuerg jeeeweils 300 Gigawatt d'Stonn fir 4,5 Milliounen Euro kafen an 2020 déi reschtlech 400 Gigawatt d'Stonn fir 6 Milliounen.

De Statsrot huet den 30. Januar dës Joer säi Feu vert zu dësen zwee Projete ginn.

Voilà! An dës gesot, ginn ech och de Feu vert vun der sozialistescher Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. An dann huet den Här Mosar d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci och hei der Rapportrice fir hir zwee exzellente Rapporten. Mir bleift weider soss näischt ze soen, wéi den Accord vu menger Fraktioun ze ginn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Här President, dass Lëtzebuerg wäert erneierbar Energien aus Estland a Litauen akafen, ass fir d'Demokratesch Partei dee richteg Wee. Ech soen lech, firwat. Mat sengen 2.586 km² huet Lëtzebuerg eng begrenzte Fläch zur Verfügung, fir erneierbar Energien anzesetzen. A wéi mä Kolleg, den André Bauler, kierzlech ganz treffend gesot huet: Dës si geografesch Constraints, déi evident sinn.

Här President, Lëtzebuerg läit net um Mier, wat eng Rei Zorte Stroumerzeugung aus erneierbaren Energien onméiglech mécht. Och eist Waasserkraaftpotenzial ass quasi komplett ausgenotzt. Och wann een aktuell vill vun de potenziell méigleche Wandmillen am Süde vum Land héiert, ass och d'Wandkraaftpotenzial begrenzt. Awer ënner anerem am Beräich vun der Fotovoltaik läit nach vill Potenzial.

Här President, de Kampf géint de Klimawandel ass kee Kampf, dee Lëtzebuerg eleng ka gewinnen. Do brauche mer kollektiv Efforten an do brauche mer eng gewësse Flexibilitéit, fir dass déi ambitiéis Ziler, déi Europa sech an dësem Beräich ginn huet, och kënnen erreecht ginn.

Och wa Lëtzebuerg sech elo erneierbar Energie aus de baltesche Länner wäert bäikafen, fir säin nationaalt Zil ze erreechen, esou heescht dat awer net, dass mir heiheem keng Efforte mussen oder wëlle maachen. Ganz am Géigendeel!

Déi lescht Jore gouf enorm vill a Solar- a Wandenergie investéiert. Och beim Bau gëtt exklusiv nom héchsten Energiestandard gebaut. An och de Rifkin-Rapport weist nei Pisten op, wéi nach méi op erneierbar Energie gesat ka ginn.

Mä, Dir Dammen, Dir Hären, all déi Efforten hunn och eng Limit. An dofir ass et noutwendeg, dass mer och Energie bäikafen, wou der méi produzéiert ka ginn. Estland a Litauen leien um Mier. Béid Länner hunn hir national Ziler